ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 20. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un den Här Minister fir Digitaliséierung weiderzeleeden.

Am Kader vun den allgemeng niddregen Zënsen ass international en Trend festzestellen, datt vill Leit sech op d'Sich no aneren Investitiounsméiglechkete fir hir Sue maachen. Aktien an ETFs (Exchange Traded Funds) gehéieren dobäi zu deene wichtegsten Anlageklassen. Contrairement zu fréier, ginn des Transaktiounen allerdéngs ëmmer manner iwwer de klassesche Service vun Banken, mee iwwer Applikatiounen um Handy ofgewéckelt.

Wéi awer am Artikel "Frankfurt hat wieder die Nase vorn", deen den 13. Abrëll am Tageblatt publizéiert gouf ze liese war, louch d'Finanzplaz Lëtzebuerg am leschte Ranking vum "Global Financial Centers Index" am Beräich vun der Fintech grad mol op Plaz 42 (London Plaz 5, Paräis Plaz 17, Frankfurt Plaz 20). Wéi am Artikel "die Banken bekommen Konkurrenz", deen de 14. Abrëll am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, weider ze liese war, hunn d'Leit um Lëtzebuerger Terrain nach quasi keen Accès op des Applikatiounen. Grond genuch fir verschidde Leit, déi op Lëtzebuerg plënneren, fir weider am Ausland ugemellt ze bleiwen.

Duerfir géif ech dem Här Finanzminister an dem Här Minister fir Digitaliséierung gär folgend Froe stellen:

1) Iwwer wéi eng Lizenz(e) muss en Ubidder vun Trading Applikatiounen verfügen, fir seng Servicer zu Lëtzebuerg kënnen ze offréieren?
2) Gesäit de Minister d'Gefor, datt d'Lëtzebuerger Bierger duerch des Maartbarrièren un enger selbstständeger Gestioun vun hirem Patrimoine gehënnert ginn?
3) Ginn et aktuell Ubidder vun Trading Applikatiounen, déi zu Lëtzebuerg akkreditéiert sinn?
4) Op wéi eng Modalitéite mussen Notzer vun Trading Applikatiounen oppasse, fir generéiert Beneficer, bei deenen d'Transaktiounen iwwer des Uwendunge ofgewéckelt goufen, an hirer Steiererklärung richteg unzeginn?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742